



ginn natierlech och weiderhi vum Wirtschaftsministerium accordéiert. Dorunner ännert sech näischt. Et sinn net d'ORTen, déi zoustänneg sinn, fir de Gemenge bei den Investissementsprojeten ze hëllefen, dat leeft nach ëmmer weiderhin iwwert de Ministère.

Nach vläicht just ee Wuert zum ORT Westen/Zentrum: Mir wëlle just een ORT grënnen, well et awer fir déi zwou Regiounen net déi néideg Masse critique gëtt um touristesche Plang, déi een ORT pro Regioun géif erfuoderen oder och justifiéieren. Wéi gesot, et geet hei net ëm d'Hauptstad. Déi huet jo hir eegen Organisation. An déi Hauptstadt spillt am neie GfE eng besonnesch Roll.

Deen neien ORT soll also de Westen ofdecken an alles, wat am Zentrum net Hauptstadt ass. Mir baséieren eis do ganz einfach op de Modell, no deem och schonn déi aner ORTe gegrënt goufen. Deen huet sech bewährt. Fir unzefänke maache mer eng Analys vun de Schwächen a Stärken an da maache mer Workshope mat deene verschiddenen Akteuren, dann e Masterplang. Do komme mer nach op déi verschidden Akteuren zou, fir dat elo esou séier wéi méiglech hinze kréieren. Mir hätten dat nämlech gären och operationell fir den 1. Januar, fir datt mer dann do alles aus engem Goss kënne maachen.

Här President, ech kommen zum Schluss. D'Reform vum ONT ass iwwerfällg. Mir mussen déi Strukturen adaptéieren, fir datt se méi effikass funktionnéieren, fir datt d'Regiounen an der Vermaantung an Zukunft besser vertrauede sinn, fir datt de Privatsektor awer och méi ass wéi just eng Zort „Zaungast“, wann et ëm déi touristesch Promotioun geet.

Den Tourismus ass e ganz wichtege ekonomesche Sektour. A mat der Reform vum ONT maache mer en décisive Schritt, fir d'Potenzial, wat an deem Sektour nach näipt, nach richtig ze notzen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Staatssekretärin. Wann den Här Anzia nach eng kéier wëllt nohaken, kann en dat.

(Négation)

Wann en awer eng ganz zefriddestellend Äntwert kritt huet vun der Madame Staatssekretärin, dann ass domat déi Question élargie evakuéiert.

A mer géifen zu eiem nächste Punkt kommen, dem Projet de loi 6796, engem klengen Nobrenner zum Statsbudget. An d'Wuert huet direkt - den „Budgetsberichterstatter“, wollt ech soen, respektiv - de Rapporteur vum Projet de loi 6796.

Dir musst zouginn, Här Fayot, ech hunn dat gutt ausgedréckt mam „Nobrenner“.

(Hilarité)

10. 6796 - Projet de loi portant modification de la loi du 19 décembre 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Jo, jo! Merci, Här President. De Projet de loi, mat deem mer eis elo befaassen, ass, wéi de Président et sot, eng Korrektioun vun engem Oubli am Budgetgesetz, dat mer am Dezember gestëmmt hunn. Den Artikel 42 aus dem Budgetgesetz ass iergendwann an de leschte Streech vun der Budgetprozedur aus dem Text erausgefall, soudatt dat gestëmmt a publizéiert Gesetz direkt vum Artikel 41 op den Artikel 43 spréngt.

Bon, dat ass bedauerlech. De Rapporteur hätt dat, mengen ech, och misse gesinn. An dofir géif ech mech och gäre bei der Chamber entschëllegen.

Et ass awer dofir néideg, fir dësen Artikel 42 ouni juristesche Onsécherheet an am Respekt vun eiser legislativer Prozedur uwendbar ze maachen, fir eng nei Loi modificative ze stëmmen.

Bon, et handelt sech bei dësem Artikel 42 ëm eng Dispositioun am Beräich vun der Krankeversicherung, déi verschidde konventionell Tariffer um Niveau zum 31. Dezember 2014 fir 2015 afriert, fir se dann op e Pied d'égalité ze setze mat den Tariffer vun de Prestataire, déi par lettre-clé festgesat ginn.

Um Prinzip gëtt et bei dësem Gesetz keng Diskussioun. An de Statsrot hat och kee Commentaire zu dëser Dispositioun, weder am Kader

vum Budgetgesetz nach am Kader vun dëser Loi modificative. Hien opposéiert sech och net der retroaktiver Wirkung vun dësem Gesetz, fir dass déi Dispositioun zesumme mam Budgetgesetz kann a Kraaft trieden.

Ech ginn och heimat den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Fayot. Wuertmeldungen dozou? Ech hat hei stoen: den Här Wiseler pour accord. Da géif ech emol unhuelen, dass deen Accord do ass. Ech hunn d'Madame Elvinger hei stoe pour accord.

Discussion générale

► **Mme Joëlle Elvinger (DP).** - Jo, Merci, Här President. Ech géif dem Här Fayot Merci soe fir dee kuerzen a gudde Rapport. An ech ginn domat den Accord och vun der DP-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci, Madame Elvinger. D'Madame Loschetter, och fir...?

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Genau datselwecht. Här President, mir soen dem Här Fayot Merci. Eng kéier e mënschleche Feeler, dat gëtt et. Dofir ass keng Excuse noutwendeg. A mir ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Vu dass et méi oder manner e kollektive Feeler war,...

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Eben.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...ass dat net weider verwonnerlech. Weider Wuertmeldungen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da géif ech dem Finanzminister d'Wuert ginn.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Merci, Här President. Ech mengen, et ass eis alleguerten hei e Feeler ënnerlaf. A mir sinn all rasonabel a mir verbessern dat. A mir ginn eis domat d'Sécurité juridique, déi mer onbedéngt brauchen. A mir sinn och pragmatesch, andeem mer déi Dispositioun vum 1. Januar u lafe loossen. Domat hu mer elo Clartéit. An et ass dat, wat mer hei brauchen. An ech soen alleguerten de Participantë Merci fir hiert Verständnis.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. A mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6796 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6796

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo gläich eriwwer.

Mir hu 60 Deputéierter, déi direkt oder indirekt um Vote deelgeholl hunn: 57-mol Jo an 3-mol Neen. Dat hei ass selten, dass et esou séier geet. Merci villmools!

Ont voté oui: *Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Tess Burton), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Eugène Berger), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: *MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Da géife mer zu dem nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Et ass eise leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut an et handelt sech ëm d'Interpellatioun vum Här Justin Turpel iwwer LuxLeaks. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Dir kennt d'Riedezäiten, ech brauch lech se net nach eng kéier ze soen. An et ass nach Zäit, fir sech anzeschreiwen.

An elo huet direkt den Här Turpel d'Wuert, wuel fir d'virescht kéier an dësem Parlament, vläicht och net.

Dir hutt d'Wuert.

11. Interpellation de M. Justin Turpel sur «LuxLeaks»

Exposé

► **M. Justin Turpel (déi Lénk), interpellateur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, léif Kolleegen, ech wëll an néng Punkten duerleeën, wourëms et eis bei där Diskussioun do geet.

Éischt Punkt ass d'Envergure vu LuxLeaks. 25 Joer nodeem domat ugefaange gouf, gëtt elo zu Lëtzebuerg an der Chamber fir d'Éischt iwwer ATAen, „advance tax agreements“, oder Tax Rulings oder Décisions anticipées, Rescrits fiscaux, egal wéi mer se wëllen nennen, diskutéiert.

Et ass awer net déi éischte kéier, datt an der Politik doriwwer diskutéiert, sech domadder befaasst gëtt. Dat war erwisenermoosse schonn 1997 de Fall, wéi de Jeannot Krecké ee Rapport gemaach huet iwwer Steierhannerzéiung a wéi e sech och mat der Problematik befaasst huet, soit datt, wéi säi Rapport bis definitiv war, déi Säiten draus verschwonne waren.

Och 2012 huet d'Regierung deklaréiert, de Minister um Fernseh, si géifen en Aarbechtsgrupp asetzen, fir iwwert d'Rulingen ze schwätzen; mä och vun deem Aarbechtsgrupp ass haut keng Spur méi ze fannen.

Et huet missen zu engem gréissere Leak, genannt LuxLeaks, kommen, fir datt d'Effentlechkeet gewuer gëtt, wat do leeft. An dat, wat do an deem Beräich leeft, ass net vu schlechten Elteren!

Ech wëll just dräi Beispiller ginn, aus 343 Betriber, mat 840 Rulingen, esou wéi se am LuxLeak-1-Skandal bekannt gi sinn.

Éischt Beispill: Op de Benefisser, déi den US-amerikanesche Kuréierdengscht FedEx no Lëtzebuerg bréngt, gëtt net emol 0,1% Steiere bezuelt. Zweet Beispill: E.ON, ee grouse Multi, dee mer all kennen, bezilt op 130 Milliounen Benefisser 1.600 Euro Steieren. Amazon, fir dann emol ee Betrib ze huelen, deen och zu Lëtzebuerg eng minimal Aktivitéit huet, léisst Benefisser vu 519 Milliounen op Lëtzebuerg komme fir Lizenzgebühren a bezilt domadder iwwerhaapt keng Steieren. Aner Beispiller sinn Apple, Heinz, Pepsi-Cola an esou weider an esou fort.

Och beim LuxLeaks 2 den 9. Dezember sinn aner Firmaen, wéi Disney, Koch, Skype an d'Diskussioun komm, esou wéi déi europäesch an amerikanesch Gewerkschafte vun effentlechen Dengscht och ee groussen Dossier gemaach hunn iwwert d'Steieroptimiséierung, -hannerzéiung vu McDonald's oder McDo.

Wann een dat gesäit, da versteet een, firwat datt 170 vu 500 där weltgréissten Entrepenen eng Succursale zu Lëtzebuerg hunn a firwat datt d'OECD vun aggressiver Steierplanung a vu Radikaliséierung an der Steiervermeidung schwätzt. No Zuele vun der amerikanescher Regierung si vu 95 Milliarden Dollar, déi 2012 duerch Lëtzebuerg geschleist si ginn, just 1,04 Milliarde Steiere bezuelt ginn. Dat heescht, 1,1% Steiere fir déi Betriber, déi iwwer Lëtzebuerg 95 Milliarden Dollar duerchgeschleist hunn.

Wa Konzernner manner Steiere bezuele wéi een Duerchschnittsaarbechter, dann ass eppes faul am Stat. Wann de Bäcker an en Elektrikerbetrib 28% Steiere bezuelen, während ee Multi just brauch 1% oder manner ze bezuelen, da si mer an enger gewaltiger Schifflag. A mir hu missen op d'Revelatiounen vu LuxLeaks de 5. November 2014 waarden, fir dat gewuer ze ginn!

Vill Leit, och an dëser Enceinte, waren iwwerrascht iwwert d'Ausmooss, dat am Fong geholl de LuxLeaks an d'Rulingen zu Lëtzebuerg haten, an zwar dat mindestens an dräifacher Hisiicht: éischtens, wat d'Unzuel vun de Firmaen ugeet, zweetens doriwwer, ëm wéi eng Firmaen et sech handelt, an drëtzens, wat d'Ausmooss vun der Steieroptimiséierung/-vermeidung ugeet, dat sech do hannendru verstoppt.

Während aacht Méint, vum Abrëll bis November 2014, hunn 80 Journalisten aus 26 Länner eng ganz seriö a wichteg Aarbecht gemaach. Zur Verfügung hate si soss näischt, wéi déi Rulinge vu PwC vun 2002 bis 2010, déi si iwwer verschidde Weeër kritt haten.

Bedenkt een, datt dat just eng Period ass vun acht Joer, datt d'Rulingen awer vun 1990 un, dat heescht zënter 22 Joer lafen, weess een, datt déi Rulingen nëmmen d'Spëtz vum Aisbierg sinn an et kann ee sech d'Ausmooss vun de Rulingen zu Lëtzebuerg, dat bei sécherlech iwwer 10.000, wann net iwwer 20.000 Rulinge läit, ausmolen.

Loosse mer et och kloer soen: D'Ursaach vun de Revelatiounen vum Konsortium ass net d'Kandidatur vum Jean-Claude Juncker fir d'Présidence vun der EU, mä eng Praxis, déi skandaléis ass! An dat, wat de Jean Asselborn als „Steiertrickereien, déi net méi zougelooss solle ginn“ bezeechent huet, huet eng kéier missen opfléien. Tatsächlech huet Lëtzebuerg, wéi de Finanzminister eng kéier gesot huet, „vill ze laang vill ze vill iwwerdrifwen“. Dat ass d'Ursaach vu LuxLeaks, an net ee Komplott aus dem Ausland!

Zweete Punkt, eng Stellungnahm vun der Unioun vun de Fiskalbeamten an Europa. An engem Communiqué vum 2. Dezember erkläert d'UFE, d'Unioun vum Finanzpersonal a ganz Europa - dat ass d'Personal, wat an den EU-State mat dem Akasséieren a Kontrolléieren vun de Steiere beoptragt ass -, wat si vun där Praxis vu Rulingen halen.

Si schreiwen: «Si les informations des médias sont exactes, 22 des 28 États membres de l'Union européenne accordent des „rulings“ à des entreprises installées effectivement ou fictivement sur leur territoire.» A si schwätzen net nëmme vu Lëtzebuerg! «L'UFE se demande si les propos des autorités fiscales des pays concernés sur la légalité des „rulings“ sont crédibles. Elle estime qu'ils ne sont rien d'autre que des instruments de fraude, voire même d'escroquerie fiscale, organisée à grande échelle et de manière sophistiquée par les „Big Four“ et les études d'avocats d'affaires, pour ensuite être approuvée par les administrations fiscales des États membres.

L'UFE se doit de rappeler que chaque „ruling“ accordé dans un pays provoque un manque à gagner d'impôts dans un autre pays. Le vrai problème est le fait qu'il ne s'agit pas de millions, mais de milliards d'impôt manquant dans les budgets des États concernés. La conséquence en est qu'en fin de compte tous les États sont obligés de mener une politique d'austérité avec toutes les conséquences sur la croissance, le chômage et les budgets sociaux. Pour ces raisons, l'UFE exhorte les gouvernements européens d'interdire la pratique des „rulings“ dans les pays européens, de conclure des contrats interdisant la pratique des „rulings“ dans tous les pays de l'OCDE (à l'image des accords FATCA).» Enn vum Zitat.

Net, datt Der mengt, d'Unioun vum Finanzpersonal hätt eppes géint d'Finanzinstitut oder multinational Gesellschaften, wa se dat schreiwen. Bien au contraire! Si sinn an alle State beoptragt, derfir ze suergen, datt de Stat genuch Akommes huet fir Infrastrukturen an effentlech Dengschtleschtungen. Och de Syndicat unifié des impôts directs vu Lëtzebuerg ass aktiven Deel vun der UFE. An d'UFE liwwert och direkt Propositionen mat, wat ee kuerzfristig ännere misst. Ech kommen dorobber zrëck.

Drëtte Punkt, organiséierten Défstal. Den europäesche State ginn op déi Aart a Weis all Joers 1.000 Milliarde Steierakommes verluer. Dat ass den Equivalent vun europäesche Budget. Dat si Gelder, déi gebraucht gi fir Stroossen, Schoulen, Crèche, Transport an e ganze Koup Dengschtleschtungen, op déi souguer déi mussen zrëckgräifen, wéi Amazon, Google an esou weider, déi eben näischt zu hiren Finanzéierung bäidroen.

D'Konsequenz dovunner si Spuerprogrammer, Austeritéit, ëmmer manner Steiere fir d'Betriber, ëmmer méi Steiere fir d'Bierger an d'Stéit. Och zu Lëtzebuerg, wou d'Verhältnis vun de Steieren um Kapital zu de Steieren op der Aarbecht sech vu 50 zu 50 iwwer 1:3 elo op 1:4 verlagert huet, natierlech zuongonschte vun de Stéit a vun de Bierger. Souguer déi sougenannten Drëttweltlänner verléieren all Joers immens Zommen, déi si bräichten, fir sech weiderzëentwéckelen. Och do geet et ëm Honnerte vu Milliarden Euro.

Wéi sot de Bertolt Brecht an enger ähnlecher Situatioun 1928 an der „Dreigroschenoper“: „Der Bankraub ist eine Initiative von Dilettanten. Wahre Profis gründen eine Bank.“

Haut géif dat richtegerweis heeschen: „Richtig Profie bezuele Beroder, déi hinnen d'Bezuele vu Steieren erspueren.“ A vergiesse mer net, dee gréissten Deel oder e groussen Deel vun deene gespuerte Gelder fléisst a Spekulationsblosen, mat deenen déi nächst Kris virbereet gëtt, fir déi d'Bierger dann erëm berappe mussen.

Véierte Punkt: Wéi funktionnéieren déi Rulingen? Zweck vun engem Ruling ass et, fir eng Décisioun ze kréie vun der Steierverwaltung, déi juristesche Sécherheet schafft an déi et de Betriber erlaabt, fir ze vergläichen, wou se am mannste Steiere bezuelen. De Problem ass an där Hisiicht net eleng de Ruling, mä d'Mechanismen, déi sech hannendru verstoppen, d'Mechanisme vu Steieroptimiséierung, déi do hannendru sech verstoppen.

An an dëse Fäll, déi elo opgedeckt gi sinn, waren dat der hauptsächlech véier: éischtens, déi berühmt Patentboxen, dat heescht IP-Boxen,